piraten.lu

N°4581
Entrée le 05.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.08.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Am August 2025 hat den Inneminister an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2634 erkläert, datt verschidde Gemengen an der Vergaangenheet hire Mataarbechter eng „prime informatique" accordéiert haten. Gläichzäiteg hat de Minister festgehalen, datt hie sech enger Diskussioun an der Commission centrale iwwert d'Aféiere vun enger Prime informatique am Gemengesecteur net verschléisst. Bis haut gëtt et awer keng spezifesch gesetzlech Basis, déi de Gemengen et erlaabt, eng entspriechend Prime nom Virbild vum Staatsdéngscht anzeféieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi ass den aktuelle Stand vun den Aarbechten oder Diskussiounen iwwert eng gesetzlech Basis fir eng Prime informatique am Gemengesecteur?
2. Ass d'Regierung der Meenung, datt Gemengen ënnert dem aktuelle gesetzleche Kader eng Prime informatique aféiere kënnen?
   - Falls jo, op wéi enger legaler Basis?
   - Falls nee, wéi begrënnt d'Regierung dëst?
3. Wäert d'Regierung eng gesetzlech Basis fir eng Prime informatique am Gemengesecteur aféieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés